LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

**Äntwert vum Aussen- an Europaminister Jean Asselborn
op d'parlamentaresch Fro N° 8352 vum 27. September 2023
vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

D'Appartement an deem den Ambassadeur a permanente Vertrieder vu Lëtzebuerg bei de Vereenten Natiounen zu New York mat senger Famill während der Renovatioun vun der Residenz vun der Lëtzebuerger permanenter Vertriedung wunnt, ass am Juli 2021 vermëttelt ginn iwwert d'Immobilienagence „Compass". Et si keng Kommissiounskäschten fir de Lëtzebuerger Staat ugefall, well dës Käschten direkt vum Propriétaire vun der Wunneng iwwerholl gi sinn.

D'Wunneng lount de Lëtzebuerger Staat vun engem Affekot a privaten Investisseur, dem Warren A. Estis, dee selwer, bis zu sengem Verscheeden am Abrëll 2022, am Trump World Tower gewunnt huet. Zënterhier ginn de Loyer an d'Chargë fir d'Wunneng iwwert eng Société de gestion immobilière, Akam, un d'Entitéit „Estis Investor Condo Portfolio" bezuelt.

Déi eenzeg Käschten, déi un eng Firma iwwerwise gi sinn, déi dem Donald Trump gehéiert, sinn administrativ Käschten an Héicht vun 1500 Dollar, well déi Firma zoustänneg ass fir d'Gestioun vum Trump World Tower. Déi Käschte sinn am Juli 2021 bezuelt ginn.

Wat d'Sécherheet ugeet, esou ass ze bemierken, dass d'Equipementer déi d'Diplomaten am Kader vun hirer Aarbecht gebrauchen adäquat geséchert sinn.

D'Uerteel vum 26. September 2023 am Prozess vum Staat New York géint den Här Trump huet keen Afloss op eis Aschätzung.

Ech wëll ofschléissend dorop hiweisen, dass ech op all parlamentaresch Fro äntweren op Basis vun alle Fakten, vun deenen de Ministère Kenntnis huet.

Lëtzebuerg, den 26. Oktober 2023
Den Aussen- an Europaminister
(s.) Jean Asselborn